Dezember 2011

CONTER

Conter, Éiter,
Méideng, Mutfert

# Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Conter
Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Conter

# E grousse Merci fir Ärt Vertrauen

## Merci, dass mir duerch Är Stëmmen d'Gemengewahlen 2011 gewonnen hunn!

### Eis 4 gewielte Gemengerots-membren:



**Jim SCHMITZ**

Mat 1408 Stëmmen bei weitem als 1. gewielt mat iwwer 60 % weider wéi den neie Buergermeeschter



**Marion ZOVILÉ-BRAQUET**

Mat 898 Stëmmen als 3. gewielt nach virum aktuelle Buergermeeschter



**Jean-Pierre DI GENOVA**

Mat 670 Stëmmen bal 200 Stëmme weider wéi den aktuellen 2. Schäffen



**Laurent LAKAFF**

Mat 543 Stëmmen nach e gutt Stéck virun deene zwee Gréngen am Gemengerot

Virun e puer Wochen hunn ech Iech geschriwwen, dass Dir um Wahlsonndeg d'Méiglechkeet hätt ons ze soen ob Dir mat eiser Aarbecht vun deene läschte 6 Joere zefridde wart.

Dir hutt des Méiglegkeet genotzt, a wéi!

**Dir hutt ons e kloere Message ginn, an zwar deen, dass mir sollen déi nächst 6 Joer mat Verantwortung an der Gemeng Conter iwwerhuelen.**

Mir ware prett fir eis Missioun unzegoen, eis Aarbecht vun deene läschte Joeren weiderzeféieren, eis ugefaange Projét'en fäerdeg ze maachen an nei Iddien ëmzesetzen.

Am Numm vun eiser ganzer Equipe soen ech Iech all e grousse **Merci** fir déi immens vill Stëmmen déi Dir ons bei de Gemengewahlen ginn hutt.

Wéi Dir all wësst, ass ons dat onméiglech gemaach ginn well, déi Parteien déi am meeschte Stëmmen a Sëtz verluer hunn, sech einfach selwer als Gewënner ernannt hunn, a mir elo, trotz engem Sëtz méi wéi bis elo an engem plébiszitéierten Jim Schmitz, an der Oppositioun sëtzen.

Dofir wëlle mir och vun dëser Plaz all deene Leit eise Respekt soen, déi net d'Fauscht an der Täsch gemaach hunn an déi sech net ze schued waren fir hirer Roserei Loft ze maachen iwwert esou eng „grotesk" Aktioun (Zitat aus dem L.Wort) vun de Verléiererparteien vum 9. Oktober 2011.

**Esou eng friddlech Protestaktioun, organiséiert vun engem Grupp vu couragéierte Bierger,** bei där 10 % (iwwer 200 Leit) vun de wahlberechtegte Bierger aus der Gemeng Conter sech bei der Gemeng versammelt haten an hir Meenung op Panneauen matgedeelt hunn, **weist dass d'Awunner aus der Conter Gemeng sech hire Wielerwëllen net wëlle verbeien a verdréie loossen.**

Si all hu gefuedert, dass d'Wahlresultat respektéiert gëtt.

E grousse Merci un all déi di ons duerch hir Mailen, SMS'en oder Telefonater hir Sympathie matgedeelt hunn, dir all zesummen hutt eis Courage a Motivatioun ginn fir weider ze schaffen an de Kapp net hänken ze loossen.

Wa mir Haut an der Oppositioun sëtzen, heescht dat konkret, dass Äre Wielerwëllen léif Leit einfach ignoréiert ginn ass an dass verschidde Leit sech haut an der ganzer Gemeng mat Ligen an Onwouerechten an esouguer mat engem gemeinsamen Flyer musse rechtfertegen.

D'Enttäuschung an d'Roserei vun eise Wieler iwwert dës Koalitioun vun de Verléierer, verpflicht eis, eis Aarbecht net opzeginn oder eis ze verstoppen – am Géigendeel – mir wäerten eis Wieler net enttäuschen.

Mat Energie a Motivatioun wëllen mir déi nächst Joeren nach ëmmer fir Iech schaffen, eng kritesch a konsequent Oppositioun am Gemengerot maachen an zum Wuel an fir de Fortschrëtt vun der Conter Gemeng bäidroen.

Wann Dir eis braucht da kënnt Dir, wéi bis elo, op eis zielen!

**Marion Zovilé-Braquet**
Presidentin vun der CSV-Conter

# Neie Schäfferot léisst de Jugendbus net fueren!

Op d'Ufro vun der Jugend hunn ech (a menger Funktioun als Jugendkommunalplangbegleeder) – ewéi di läscht Joeren och – eng Demande un de Schäfferot gemaach fir e Samschdeg e Bus op Mënsbech op d'Après Ski Party fueren ze loossen an duerno och erëm zréck op Éiter, Mutfert, Méideng an Conter, esou wéi d'läscht Joer och.

Leider krut ech vum Schäfferot eng negativ Äntwert – dat heescht dass eis Jugend huet missen mat hiren Autoen fueren – mat allem wat hätt kënne geschéien.

Dëse Bus gouf de Jugendkommunalplang vun der Jugend gefrot, de Schäfferot huet di läscht Joeren dëse Bus accordéiert a d'Brainstormers hunn eng Lescht am Februar eragginn mat deenen Datumer déi du scho fest waren vun deene wichtegsten Jugendmanifestatiounen. Et gouf festgehalen dass nach 2–3 Busser kéinten nokommen wann d'Datumer fixéiert wieren.

Leider krut ech vum Schäfferot dës negativ Äntwert:

**„De Schäfferot huet beschloss fir kee Bus fueren ze loossen well dat Ganzt e bëssen ze spéit ass. En anert Joer wär awer kee Problem, well wann een dann e bësse méi Zäit huet, kann een eng offiziell Kommunikatioun vun der Gemeng eraus ginn"**

Et ass ze spéit, well keng Zäit méi ass fir eng offiziell Kommunikatioun vun der Gemeng erauszeginn!?

Mir liewen am 21ste Joerhonnert an do ass d'Kommunikatioun den Internet – ganz besonnesch bei der Jugend. Per Email – iwwert Facebook ass dës Kommunikatioun méi schnell gemaach wéi de Schäfferot hiren offizielle Flyer drécke kann. Op dësem Wee ka vill Pabeier, Faarw an Zäit gespuert ginn. A vu Spontanitéit keng Spur.

Et geet jo schliesslech (hoffe mir emol) ëm d'Saach an ëm eng schnell an efficace Kommunikatioun.

Mir als CSV hoffen op alle Fall dass di Jonk erëm kenne mam Jugendbus op di nächste Manifestatiounen fueren ouni op eng offiziell Informatioun iwwert e Flyer vum Schäfferot mussen ze waarden.

Iwwregens war den Här Schiltz all di Joeren am Schäfferot d'Accord mat dësem Bus – huet hien éieren seng Meenung elo geännert?

**Marion Zovilé**
Jugendkommunalplangbegleeder

D'CSV-Conter wënscht Iech all:

**Schéi Chrëschtdeeg • Joyeux Noël**
**Merry Christmas • Buon Natale**
**Glædelig Jul • Vrolijk Kerstfeest**
**Gesegnete Weihnachten**
**Prettige Kerstdagen**
**Boas Festas • Feliz Navidad**
**God Jul • Hyvää Joulua**



# Über den Tag hinaus

**Budgetberichterstatter Gilles Roth (CSV) analysierte und kommentierte die Haushaltsvorlage für 2012. Er sprach von einem Budget, das zum Nachdenken anregt. *„Wir sind zum Handeln aufgefordert!"***



Am 6. Dezember stellte Gilles Roth im Plenum der Abgeordnetenkammer seinen Bericht zur Haushaltsvorlage 2012 vor. Als Finanzminister Luc Frieden den Budgetentwurf im Oktober einreichte, sprach er von einer Kombination zwischen einer aktiven Wirtschafts- und Sozialpolitik, verbunden mit einer umsichtigen und vorsichtigen Budgetpolitik, die den Prämissen der aktuellen Zeit weitgehend Rechnung tragen soll.

Aus diesem Blickwinkel heraus, analysierte der Berichterstatter Gilles Roth, CSV-Abgeordneter, den 2012er Staatshaushalt. Eine Arbeit, die er als bereichernd und spannend bezeichnete, weil sie einen detaillierten Einblick in sämtliche öffentliche Ausgaben- und Einnahmenzweige ermöglichte, die man Letztendes braucht um die finanztechnischen Feinheiten, Herausforderungen und Probleme zu verstehen, im Sinne einer korrekten, optimalen und effizienten Parlamentsarbeit.

## Ausgaben und Einnahmen in Einklang bringen!

Gilles Roth sprach von einem Budget, das zum Nachdenken anregen soll. Und zwar über den Tag hinaus. In seinem 266-seitigen Bericht, mit u.a. 55 verschiedenen Feststellungen und Bestandsaufnahmen, vermittelt er als Kernbotschaft die Notwendigkeit die Ausgaben und Einnahmen mittel- und langfristig in Einklang zu bringen. In seiner 60-minütigen Rede vor den Abgeordneten schlussfolgerte er:

*„Mir mussen de Rimm méi enk schnallen. Net alles wat mir gären hätten, kënne mir eis leeschten. Eis Staatsfinanze sinn am Kontext vun der wirtschaftlecher Konjunktur liicht aus de Rudder gelaf. Eise Staatsdefizit an eis öffentlech Scholdesituatioun sinn am Verglach zum Ausland nach duerchaus an der Rei. Mee mir sinn een klengt Land. Eis Eegemëttel-där finanzieller an där aner- sinn duerfir méi limitéiert. Mir däerfen d'Maastrichtcritèren och net ausreizen. Net elo, an net méi spéit. Mir mussen elo eis Hausaufgabe maachen fir herno och nach gutt do ze stoen. Déi elo um Rudder sinn, sinn deenen, déi elo nach d'Schoulbänk drécken, dat schëlleg."*

Tatsache ist, dass die europäische Wirtschafts-, Finanz- und Schuldenkrise sowie das muntere Treiben skrupelloser Finanzjongleure an der Börse nach wie vor als große Gefahr zu sehen ist, deren möglich negativen Auswirkungen noch nicht abzusehen sind. Hinzu kommen die politischen Nachwehen in einer ganzen Reihe von Ländern, deren Regierungen es verpasst haben die notwendigen Hausaufgaben in Sachen Budgetdefizitreduzierung zu erledigen. Eine Faktum und eine Realität, die wir uns immer vor Augen führen müssen. Die wirtschaftliche Lage war in den letzten Jahren selten so ungewiss! Aktuelle Perspektiven für die kommenden Jahre zu erstellen, sind mehr als schwierig.

## Verschönertes Defizit

Auf die Frage, wie es denn um die öffentlichen Finanzen steht, vertritt der CSV Deputierte Gilles Roth die Meinung, dass diese sich auf den ersten Blick keinesfalls so schlecht darstellen. *„Mir hunn zwar een Defizit. Mir hunn och Schold. Mee am europäesche Verglaach sti mir gudd do."* Dennoch müssen wir unsere aktuelle finanzielle Situation mehr als ernst nehmen, warnte er einschränkend, mit dem Blick, dass es unser eigentliches Ziel sein muss die Staatsfinanzen bis 2014 ins Gleichgewicht zu bekommen. Außerdem dürfen wir nicht verkennen, dass gewissermaßen durch eine versteckte Schuld, bedingt durch saftige Überschüsse im Sozialwesen, das Defizit verschönert wird.

Die Überschüsse lassen sich dadurch erklären, dass in den vergangenen Jahren rund zehn tausend zusätzliche Arbeitsplätze geschaffen wurden, die natürlich auch Sozialbeiträge leisten, die allerdings erst in zehn oder gar zwanzig Jahren als Leistungen auszubezahlen sind. Die nunmehr vorhandenen Reserven werden dann natürlich drastisch sinken. Ein Phänomen, das wir nicht verkennen dürfen. Daher ist es notwendig nunmehr jene Weichen zu stellen, die es ermöglichen, auch in Zukunft auf eine gesunde finanzielle Basis zurückgreifen zu können.

In diesem Sinne plädierte Gilles Roth für einen angemessenen und zielführenden Gedankenaustausch in Sachen Absicherung der Steuereinnahmen, wo er von einigen unsicheren Faktoren sprach: *„Mir hunn hei eng Rei onsécher Kantonéier. Esou den elektroneschen Handel mat geschate 572 Mio € fir dat nächst Joer. Vu villem, wat esou iwwer Ebay an Amazon kaf gëtt, kasséiere mir hei am Land TVA. 2015 ass et mat dëser Herrlechkeet eriwwer. Den Tanktourismus bréngt eis all Joer eng Milliard Euro un Akzisesteier. Dat sinn 10% vun eise gesamte Staatseinnahmen! Laangfristeg kënne mir déi Suen net fest aplangen!"*

## Zukunftsperspektiven sichern

Gilles Roth befürwortet eine Politik des Bewährten, indem er sich stark macht jene Wirtschaftsdomäne zu stärken und zu pflegen, die in den letzten Jahren sehr wesentlich zum Wohlstand beigetragen haben. Branchen, die auch den Staatskasse förderlich waren. Der Finanzplatz, die Industrie der Investmentfonds, jedoch auch Forschung bergen wichtige Zukunftsperspektiven, die wir nicht verspielen sollen. Es liegt an uns dafür die Weichen zu stellen durch gut ausgebildete jungen Menschen.

Ein weiterer Schwerpunkt seiner Aussagen betraf die Politik der Sozialleistungen, wo er für eine stärkere soziale Selektivität plädiert. Wir sollen uns diesem Dossier annehmen und in aller Sachlichkeit und ohne Tabu über künftige Ausrichtungen diskutieren. Es gilt ein Abgleiten in Armut zu verhindern und echte Solidarität zu zeigen. Als wichtige Stütze zur Stärkung der Wirtschaftskraft sieht er die Klein- und Mittelbetriebe, besonders im Handwerkerwesen. Sie zu stützen und das Investitionsvolumen auf gutem Niveau zu halten ist dabei das A und O.

Für Gilles Roth steht fest, dass wir schwierigen Zeiten entgegengehen. Wir sollen die Augen daher nicht vor den Realitäten verschließen. *„Wir brauchen nicht alles auf den Kopf zu stellen. Doch einige Schrauben und Räder müssen anders und neu justiert werden. Es ist dies im Interesse von Land und Leute!"* so ein kritisch konstruktiver Gilles Roth.

# „Mir kënnen d'Staatsschold net aus dem Rudder lafe loossen"

**Im Rahmen der parlamentarischen Debatten zum Budgetentwurf für 2012 sprach CSV-Fraktionspräsident Marc Spautz.**



Vor dem Hintergrund der Schuldenkrise machte er ebenfalls deutlich, dass die aktuelle Krisen **ohne Währungsunion und Euro noch weitaus dramatischer** wäre:

*„D'Stabilitéit, déi den Euro eis bruecht huet, ass fir eng kleng exportorientéiert Wirtschaft wéi eis vun essentieller Bedeitung: Mir bedreiwen eisen Aussenhandel mat eise wichtegste Wirtschaftspartner an der selwechter Währung. Dat huet de Konditiounen, zu deene lëtzebuergesch Betriber schaffen an exportéieren, handelen an importéieren, eng enorm Previsibilitéit ginn …*

*D'Alternativ (zum Euro) wier jiddefalls, datt d'Deirecht, "der Feind des kleinen Mannes" zu Lëtzebuerg geklomme wier an datt eis Industrie, besonnesch déi export-orientéiert, manner gutt giff funktionéieren. D'Resultat wier mat Sécherheet eng manner gënschteg Lag vun de Staatsfinanzen zu Lëtzebuerg an eng wesentlech méi fragil Wirtschaftsstruktur, wa mer dat do net gemaach hätten."*

**Marc Spautz verglich die aktuelle Krise mit der Stahlkrise der 70er und 80er Jahre.** Der CSV-Fraktionspräsident rief die damaligen Bemühungen des Staates in Erinnerung, um die Stahlindustrie zu stützen und Arbeitsplätze zu erhalten sowie die politischen Massnahmen, die schliesslich bewirkten, dass die Krise überwunden wurde und ein neuer wirtschaftlicher Aufschwung einsetzte:

*„Dépenses budgétaires, déi de Staat am Kader vum Plan sidérurgique téscht 1975 a 87 ausginn huet, hunn am Total bal eng Milliard Euros ausgemeet.*

*An der Moyenne sinn all Joer 5% vun de Staatsdepensen an d'Rettung vun der Sidérurgie gefloss. Et handelt sech hei ëm eng fir dës Zäiten onvirstellbar héich Somme, déi nëmmen duerch een exzeptionelle kollektiven Effort vun der ganzer Bevëlkerung konnt opbruecht ginn.*

*Dass et währand an no dëser Krisenzäit zu Lëtzebuerg awer rëm biergop gaang ass, ass un dräi Elementer fest ze maachen:*

- *d'Entwécklung vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, déi praktesch simultan mat der Krise an der Stolwirtschaft stattfonnt huet;*
- *d'verstärkten Diversificatiounsbestréiwunge vun eiser Economie*
- *an eng moderat Lounpolitik Ufank den 80er Joren, déi virun allem op déi temporaire Aussetzung am Joer 1982 vun der automatescher Lounupassung, spriech dem Index, zeréckzeféieren ass. Eng Moossnam déi et erlaabt huet, de Compétitivité-Coût vun der Lëtzebuerger Economie rëm ze retabléieren."*

Nachdem der CSV-Fraktionspräsident die Risiken analysiert hatte, die sich aus der dominanten Stellung des Finanzsektors ergeben und auf Schulpolitik, Sozialtransfers sowie die beunruhigende Lage am Arbeitsmarkt eingegangen war, legte er unverblümt **die grundsätzliche Position der CSV-Fraktion zur Pensionsreform** dar:

*„Fir d'CSV-Fraktioun, muss dës Reform, déi een och an der Optik vun der Ofsécherung vun de Staatsfinanze muss gesinn, nohalteg a laangfristeg ausgeluecht sinn an net nëmme fir déi nächst 10 Joer. Wann an de Joeren 2022, 2023, 2024 mol déi éischt Frontalieren, déi an den 80er Joeren an d'Land komm sinn, an de Genoss vun hirer wuelverdéngter Pensioun kommen, da fällt, wa mer bis dohin näischt déifgräifendes ënnerholl hunn, eise Pensiounssystem wéi ee Kaartespill zesummen."*




In seinen Schlussfolgerungen ging Marc Spautz auf **die Entwicklung der öffentlichen Finanzen** ein:

*„Mir wëssen och, datt mer d'Staatsschold net aus dem Rudder kënne lafe loossen an eis sou héich verschëlde kënne wéi dat scheinbar eis grouss Noperen an anerer maache kënnen, och wann dat aus verschiddene Kreesser vun der Politik an der Gesellschaft aneschters gesi gëtt. Déi intakt Finanzkapassitéit vum Staat ass fir eis bluttnoutwenneg. (…)*

*Dofir gëllt et fir eis, nach méi wéi virdrun, elo ze spueren an d'Staatsfinanzen erëm definitiv an d'Rei, dat heescht an de Equiliber ze bréngen. Hei gëllt, wéi och fir aner Punkten, wat am Koalitiounsaccord 2009 ofgemaach ginn ass."*

# Handlungsbedarf!

Das Wirtschaftswachstum stockt. In Europa setzt sich die Schuldenkrise fort. Luxemburg ist von den Konsequenzen dieser Negativentwicklungen ebenso betroffen wie alle anderen Staaten.

Vor diesem Hintergrund wäre es unverantwortlich den Kopf in den Sand zu stecken und sich den Realitäten zu verweigern. Wir müssen uns den Herausforderungen jetzt stellen. Gerade weil sie noch überschaubar sind, gerade weil Kurskorrekturen noch maßvoll und sozial ausgewogen vorgenommen werden können. Dies im Gegensatz zu einer Reihe von europäischen Staaten, die gezwungen sind, soziale Leistungen und öffentliche Investitionen massiv zurückzufahren. Die CSV als stärkste politische Kraft wird auch weiterhin alles daran setzen, um zu verhindern, dass den Menschen in unserem Land eine solche Situation erspart bleibt.

Daher muss das Defizit der Öffentlichen Hand abgebaut werden. Am Ziel von ausgeglichenen Staatsfinanzen ist festzuhalten. Eine intakte Finanzkapazität des Staates sichert den Handlungsspielraum auch bei einem Rückgang der Konjunktur.

Daher müssen im Kampf gegen die Arbeitslosigkeit endlich Resultate erzielt werden und die Trendwende erfolgen. Dringend notwendige Reformen im Bereich der Beschäftigungspolitik und besonders die Reform des Arbeitsamtes dürfen nicht weiter verschleppt werden. Den Worten müssen Taten folgen.

Daher müssen besonders auch Schule und Ausbildung so ausgerichtet sein, dass sie unsere Kinder und unsere Jugend bestmöglich auf eine Gesellschaft und eine Berufswelt vorbereiten, die sich rasch und grundlegend verändern. Vor allem jedoch muss auf die Anliegen eingegangen werden, die Schüler, Eltern und Lehrer äußern. Was vor allem die Schüler zum Ausdruck bringen, nämlich die Sorge mit ihrer Ausbildung und ihrem Diplom in der Berufswelt von morgen nicht mithalten zu können, darf nicht leichtfertig ad acta gelegt werden.

Öffentliche Finanzen, Arbeitslosigkeit, Schulreformen … für die CSV ist es keine Option, dass Probleme vor sich hergeschoben und die Politik mehr oder weniger resigniert beobachtet wie sie anwachsen. Die CSV wird die Herausforderungen entschlossen angehen. Es besteht Handlungsbedarf!

**Marc Spautz**
CSV Generalsekretär

# Zeit, um sich Zeit zu nehmen



Dezember. Das Land bereitet sich auf die Festtage vor. Ein neues Jahr steht vor der Tür. Das ist eine gute Gelegenheit, um zurück zu schauen und, um nach vorne zu blicken. Nicht umsonst gilt der Dezember als besinnliche Zeit. Warum nicht!? Sich besinnen. Sich Zeit nehmen. Zeit für seine Nächsten. Und Zeit für eine Bestandsaufnahme. Sollte man sich vor dem Hintergrund der aktuellen Lage nicht wieder mal überlegen, von wo wir herkommen und wo wir hinwollen? Jeder einzelne von uns und wir als Land?

In Richtung welcher Zukunft ist beispielsweise unsere Jugend unterwegs. Wenn der Satz stimmt, dass man fürs Leben lernt und nicht für die Schule, stellt sich dann nicht die Frage was denn heute die Aufgabe der Schule ist? Sicher, es geht darum, dass die nötigen Methoden vermittelt werden, Nach wie vor muss die Schule aber Wissen weitergeben; fundamentales Wissen auf dem alles aufbaut. Bei dieser Aufgabe darf die Schule die schwächeren Schüler nicht vernachlässigen, sie darf aber auch nicht vergessen, die stärkeren zu fördern.

Zu den wichtigen Fragen unserer Zeit gehört auch, wie wir in unserem Lande leben möchten? Wie soll das Miteinander von Luxemburgern und Nichtluxemburgern aussehen? Welchen Wert messen wir dem Begriff Solidarität bei? Sind wir bereit zu teilen und was wollen und können wir teilen? Bei all diesen Überlegungen sollte man sich auch vor Augen führen, dass es eigentlich Zufall und glückliche Fügung ist, dass man hier in Luxemburg geboren wurde und/oder hier leben darf während andere sonst wo auf unserem Planeten unter weit ungünstigeren Vorzeichen zur Welt gekommen sind.

Wir erleben in diesen Tagen und Wochen heftige Diskussionen um unsere Gemeinschaftswährung den Euro und um die Europäische Union. Die Schuldenlast, die Länder unter den EU-Rettungsschirm zwingt und die Bugetdebatte in Luxemburg machen einmal mehr deutlich, was eigentlich normal sein müsste, nämlich dass man im Prinzip nicht mehr Geld ausgeben kann als man einnimmt. Wenn in dem Zusammenhang dann von Umdenken die Rede ist, ist einerseits ein anderer Umgang mit Einnahmen und Ausgaben gemeint, andrerseits geht es aber auch um ein anderes Leben.

Ein Leben, in dem nicht nur das Materielle sondern auch der Mensch im Mittelpunkt steht, ein Denken und Handeln dessen Fundament jene Werte sind, für die wir als CSV stehen und die das Leben eigentlich erst lebenswert machen.

In diesem Sinne: Frohe Weihnachten und ein glückliches 2012.

**Michel Wolter**
Parteipräsident

# Erausfuerderunge fir eis Gemengen



Déi no Gemengewahle vum 9. Oktober gewielt Gemengeréit trieden dëser Deeg hiert Amt un. Op eis Gemengen an hier gewielte Vertrieder waarden e sëllechen Erausfuerderungen.

D'Gemeng, dat ass Proximitéit. Decisiounen, déi vu Gemengenautoritéite geholl ginn, beréieren direkt den Alldag vun de Bierger. De Kader an deem d'Gemengen hir Missiounen erfëllen, gëtt ëmmer méi exigent, hir Aufgabestellung ass ëmmer méi komplex a méi breet ginn. Dofir besteet och e Konsens iwwert d'Tatsaach, datt sech villes änere muss, mä leider net iwwert de „Wéi" vun dësen noutwennege Reformen.

## Staark Gemengen

Fir mech gëllt folgende Grondsaz: mir brauche staark Gemengen, déi amstand sinn, hier Autonomie responsabel an effizient auszespillen, am Déngscht vum Bierger. Dëst soll landeswäit geschéien, fir datt de Prinzip vun der Gläichheet vum Bierger virum ëffentlechen Déngscht respektéiert gëtt.

Et gëtt **dräi wesentlech Aufgabefelder:**

1. eng substantiell territorial Neiuerdnung,
2. eng nei Regelung vun de Gemengefinanze gekoppelt un eng nei Comptabilitéit an
3. eng fundamental Reform vun der staatlecher Opsiicht iwwert d'Gemengen.

D'Zilsetzung vun der Innenpolitik muss et also sinn, d'Konditiounen ze schafe fir landeswäit, flächendeckend, qualitativ gläichwäerteg kommunal Servicer fir all Bierger am Land ze garantéieren. An ech gesinn et als meng Flicht als Inneminister de Kader ze setzen, fir datt all Bierger an de Genoss vu gudde kommunalen Déngschtleeschtunge kommen. Hei sinn Gemengefusiounen e noutwennegt Mëttel fir eng staark Gemengelandschaft ze kréien.

Allerdéngs: et kann ee keng Fusioun laanscht oder géint de Wëlle vu senge Biergerinnen a Bierger maachen. Dofir ginn se am Kontext vun de Fusiounsprojete consultéiert a stëmmen an engem Referendum iwwert d'Fusioun of.

## Reform vun de Gemengefinanzen

Zwou substantiell a vum Secteur jo och vehement gefuerdert Reformen, hänke wesentlech dovun of, wéi eis Gemengelandschaft an Zukunft ausgesäit, well mir dat an der aktueller Situatioun net fäerdeg bréngen.

Do wier als éischt d'Reform vun de Gemengefinanzen, wou et dréms geet, e kohärenten an transparente System ze schafen an deem et keng krass an objektiv net novollzéibar Ënnerscheeder méi gëtt.




Fir e kloert Bild ze kréie vun der Situatioun vun eise Gemengefinanzen, maache mer eng Bestandsopnam an Zesummenaarbecht mat der Banque Centrale. Op der Basis vun deenen Erkenntnisser zéie mer d'Conclusioune fir déi zukünfteg Gestaltung vun de Finanze vum Gemengewiesen hei zu Lëtzebuerg.

Donieft däerfe mer net aus den Ae verléieren, datt d'Gemengefinanzen e Bestanddeel vun eisen ëffentleche Finanze sinn. D'Verschëldung vun de Gemengen ass och Deel vun der ëffentlecher Schold vum Land. Dofir stinn d'Gemengen an der Verantwortung bei hirer Finanzgestioun an dem Staat fält d'Roll zou, dës Finanzgestioun ze iwwerwaachen.

## Efficacitéit an Effizienz

Dofir musse mer och d'Budgets- a Finanzkontroll bei de Gemengen iwwerdenken, andeems mer se dem Modell upassen, deen et fir de Staat lo gëtt an no der Methodologie, déi vun der Cour des Comptes praktizéiert gëtt, a besonnesch och wat d'bonne Gestion financière ugeet. Eng Kontroll vun der Legalitéit a vun der Régularitéit geet haut net méi duer: mir brauchen Efficacitéit an Effizienz an der kommunaler Finanzgestioun.

Efficacitéit an Effizienz heescht och eng nei Ausriichtung vun der staatlecher Opsiicht vun de Gemenge – oder fir déi, déi et léiwer sou nennen, d'Tutelle.

Ech wäert eng Reform proposéieren, déi sou gestréckt ass, datt d'Approbatioun d'Ausnahm ass, an datt de Gros vun de kommunalen Entscheedungen an Autonomie geholl ginn an ouni Approbatioun kënnen a Kraaft trieden, Decisioune musse just nach notifiéiert ginn. Ausnahme bleiwen de steierleche Beräich an d'Urbanisatioun.

Fir de Gemengen eng méi nohalteg Finanzpolitik ze erméiglechen, plädéieren ech fir e System vun „blocs de compétences", deen doranner bestoe muss, datt all Kéier, wann d'Gemengen eng nei Missioun kréie, gläichzäiteg och d'Finanzéierung dovunner muss gesëchert sinn. Och wëll ech d'Gemenge virun enger „verstoppten" Tutelle schützen, déi nei Aufgabe schaaft, ouni weider Mëttelen zur Verfügung ze stellen, an zwar duerch eng Legalitéitsregel am Gemengegesetz an am zukünftege Code vun de Gemengen, déi seet, datt keng nei Missioun kann ausserhalb vum Gemengecode geschafe ginn.

Mat all dëse Mesurë kréie mer net nëmmen eng administrativ Vereinfachung, mä mir misste kënnen erreechen, datt eis Gemengen autonom an efficace schaffe kënnen, an datt de Bierger a Steierzueler „value-for-money" kritt.

**Jean-Marie Halsdorf**
Inneminister

# Erster Gemeinderat unter Blau – Rot – Grün, das fängt ja gut an!

Unabhängig von der Tagesordnung der ersten Gemeinderatssitzung mit der neuen Koalition drückte Rat Marion Zovilé ihr **Unverständnis über die Stornierung des Jugendbusses zur Après Ski Party nach Munsbach** aus. Auch sollten interessierte Personen (wobei es sich nicht ausschließlich um Jugendliche handeln muss) sich im Voraus auf der Internetseite der Gemeinde oder später über die Seite des Jugendhauses einschreiben können um einen planmäßigen Bustransport zu gewährleisten.

Weitere Details hierzu siehe Seite 1.

Weiter forderte Marion Zovilé, dass die **Umsetzung des Jugendkommunalplans konsequent weitergeführt wird** und dadurch die **Einbindung und das Mitbestimmungsrecht der Jugendlichen** in die zukünftige Entwicklung ihrer Gemeinde gesichert bleibt.

Die bis heute von einer Gruppe engagierter Jugendlichen (Brainstormers) geschaffenen Aktivitäten wie der Beachvolleyball-Tag, der beliebte Kochkurs für Jugendliche, die Informationsbesuche/ Abende zum Thema Berufe, die Musikveranstaltungen, der Jugendbus, der Grillplatz, der Beachvolleyballplatz und die aktive Mitgestaltung bei der Einrichtung des Jugendhauses sollten auch weiterhin von den Gemeindeverantwortlichen unterstützt werden. Dabei sollte nicht vergessen werden, dass alle Aktivitäten auf Grund des bestehenden Jugendkommunalplanes vom Jugend-Ministerium mit 50% subventionniert werden.

## Zur Schöffenratserklärung: „d'Jugendkommissioun nei believen"

Zu diesem Punkt kann Marion Zovilé (bisherige Präsidentin der Jugendkommission) nur eines bemerken:

von allen Parteien waren (entsprechend Artikel 15 des Gemeindegesetzes) proportional zu den gewählten Ratsmitgliedern, alle Parteien vertreten. Die LSAP nannte 4 Mitglieder in die Jugendkommission vun denen in den vergangenen 3 Jahren nur 1 Vertreter anwesend war !

Alle anderen fehlten UNENTSCHULDIGT bei den Aktivitäten und Sitzungen der Jugendkommission – also auch bei den Aktivitäten der Jugendlichen.

Von den 11 Mitgliedern der Jugendkommission waren lediglich 4–5 anwesend und engagiert, das Interesse einer Zusammenarbeit im Interesse der Jugend war also recht bescheiden.

## Der Schöffenrat kündigte eine bessere Kommunikation an

In der Dokumentenmappe fehlten Montags (also 2 Tage vor dem ersten Gemeinderat) noch ein Teil der Sitzungsunterlagen! Dem Reglement nach sollten ALLE Unterlagen 5 Tage vor der Sitzung bereit liegen!!!

Zur ersten offiziellen Einladung (Feier des 3. Alters) wurde zumindest den Räten der CSV keine Einladung zugestellt. Wegen ausstehender Anmeldung wurde 3 Tage vor der Veranstaltung bei Letzteren nachgefragt, ob sie denn teilnehmen würden!?

Was die angekündigte **„Partizipativ Demokratie an Transparenz"** bei der neuen Koalitioun bedeutet, wurde gleich in der 1. Gemeinderatssitzung vorgeführt.

Die Wahl der Mitglieder der Schulkommission, war so „demokratesch an transparent", dass nur die auserlesenen Kandidaten der Koalitionsparteien gewählt wurden, die anderen gingen leer aus!

Laut internem Reglement, betreffend die Funktionsweise des Gemeinderates, schlägt der neue Schöffenrat eine offene Ausschreibung der beratenden Kommissionen vor, **dies entgegen den Bestimmungen des Artikel 15 des Gemeindegesetzes!** *(Dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil.)* Der skurrile Vorschlag die Kommissionen ohne Höchstzahl (mindestens 7 Mitglieder, wobei jede Partei Anrecht auf mindestens einen Vertreter haben soll) zu besetzen, ist absolut irrealistisch und scheint nur dazu zu dienen der einzigen Oppositionspartei ihre zugestandenen Rechte zu verwehren.

Außerdem hat die CSV immer interessierte Leute angesprochen um in den Kommissionen mitzuarbeiten, ohne auf das Parteibuch zu achten. Dieses soll auch weiterhin so bleiben, jedoch wird die CSV-Conter, nach den ersten Erfahrungen bei der Besetzung der Schulkommission, darauf bestehen, dass der Schöffenrat sich an das Gesetz hält. Leider wäre sonst zu befürchten, dass unsere Vertreter auf allen Ebenen, wenn nicht ganz ausgeschlossen, dann doch nur noch minimal in den verschiedenen Kommissionen mitarbeiten können und Ihre Interessen, liebe Bürger, kaum nocht vertreten können. Traurig aber leider wahr!

## Finanzen

In den letzten sechs Jahren wurde der LSAP/CSV Koalition vorgeworfen keine gute Finanzpolitik zu betreiben!

Die LSAP wehrte sich gegen die Schaffung einer Finanzkommission (die CSV hatte dies im Wahlprogramm stehen) und jetzt steht in der Schöffenratserklärung, dass eine Finanzkommission eingeführt wird und dass diese als Hauptmission das Aufstellen des Gemeindehaushaltes habe!!!

Dies ist alleinige Aufgabe des Schöffenrates in Zusammenarbeit mit den Gemeindedienstenl!!!

Die Finanzkommission hat das Budget zu analysieren und ihre Meinung dazu abzugeben – keinesfalls aber aufzustellen.

In Punkto Sparen: wir als CSV fragen uns ernstlich wie mit dem Einstellen eines Direktor/Jurist (Obere Laufbahn), eines Ingenieurs, eines „Bann-Hidder" u.s.w. sowie die Übersetzung aller Dokumente in alle offiziellen Sprachen (und was sonst noch?) gespart werden soll!!

Zusätzlich schlägt der neue Schöffenrat vor einen Rufbus einzusetzen – laut Informationen aus Nachbargemeinden soll der **Kostenpunkt eines solchen Rufbusses bei 250 Euro pro Tag liegen!!**

## Sehen so die neuen Sparmaßnahmen in der Gemeinde Contern aus?

Alljährlich lädt die Gemeinde (also der Schöffenrat), so wie dies in allen Gemeinden des Landes Usus ist, alle Personen, welche für oder mit der Gemeinde im vergangenen Jahr gearbeitet haben, an erster Stelle das Gemeindepersonal, weiter das Lehrpersonal, das Personal aus der ‚Maison Relais' sowie Mitarbeiter der Straßenbauverwaltung, Nachbarbürgermeister und sonstige Personen mit denen die Gemeinde enger zu tun hatte zum Jahresabschlussessen ein.

Nun wunderte man sich aber sehr, als der Leiterin der ‚Maison Relais' mitgeteilt wurde, ihre Mitarbeiter – welche sich vor und nach dem Schulunterricht liebevoll und sorgsam um die Schulkinder kümmern – würden **nicht mehr eingeladen**. Da nur sie selbst eingeladen wurde und alle, ebenso wie das Lehrpersonal , keine direkten Bediensteten der Gemeinde sind, darf die Frage erlaubt sein mit welchem Maß und Gewicht hier vorgegangen wird.

Wenn nun die Finanzen unserer Gemeinde von +/- 10 Essen abhängen, dann sagen wir nur – ARMES CONTERN !

## Zum PEDIBUS

## Ein Vorschlag der CSV als sie noch in der Verantwortung war.

Nachdem wir uns an fachkundiger Stelle informiert hatten, wurde uns mitgeteilt, dass es quasi unmöglich sei diese interessante Initiative, um zum Schulzentrum in Contern zu gelangen, umzusetzen!

Wieso?

- Die Bürgersteige in der ‚rue de Syren' entsprechen nicht den Vorschriften: es müssen wenigstens 2 Personen/ Kinder **nebeneinander** gehen können!
- Es muss ein Bürgersteig vorhanden sein! Dies ist in der 'rue des Prés' in Contern (welche auch zur Schule führt) nicht gegeben!
- Die Absicherung der Begleiter durch eine Versicherung erweist sich problematisch.

## Sicherheit

In Punkto Sicherheit möchte der neue Schöffenrat allen neuen Bürgern der Gemeinde einen Feuerlöscher spendieren sowie einen Feuermelder für jedes neugeborene Kind. Wir, die CSV-Fraktion, fragt sich ob der neuen Mannschaft lediglich die Sicherheit der neuen Bürger am Herzen liegt ohne den Kostenpunkt zu erwähnen!

Wäre es nicht sinnvoller eine Sensibilisierungskampagne gemeinsam mit den beiden Feuerwehrkorps durchzuführen? Damit wäre etwas für die Sicherheit ALLER Bürger getan und nicht nur für einige wenige!

Abschließend schlug Marion Zovilé vor **zur Sicherheit unserer Fußgänger** die Fußgängerstreifen und besonders die zentral gelegenen sowie diejenigen auf dem Schulweg mit einer speziellen Beleuchtung zu versehen. Am Beispiel solcher besonders hellen Zusatzleuchten auf Luxemburg-Cents und in verschiedenen Nachbargemeinden sieht man wie hell die Zebrastreifen die Fußgängerstreifen auslichten und so – besonders im Winter bei schlechten Lichtverhältnissen – zur Sicherheit der Fußgänger beitragen!

## Aux lecteurs du «Op de Punkt»

Nous prions nos lecteurs d'expression française de s'adresser pour tout renseignement et information à nos responsables repris dans l'encadré.

## To our readers

We ask the english speaking people to contact our members below for all questions or further information.

Hutt Dir eng Fro, braucht Dir eng Informatioun, hutt Dir eng Suggestioun, da kontaktéiert eis:

**SCHMITZ Jim**, Conselljé, Conseiller, elected member of the council, 621 293 695 • j.p.schmitz@luxnatur.lu

**ZOVILE-BRAQUET Marion**, Präsidentin, Conselljé, Conseiller, elected member of the council, 621 22 66 79, zovile@pt.lu

**DI GENOVA Jean-Pierre**, Conselljé, Conseiller, elected member of the council, 621 30 19 26, jpdigenova@vo.lu

**LAKAFF Laurent**, Conselljé, Conseiller, elected member of the council, 621 47 04 99, laurent-24@hotmail.com

**SCHMIT Marco**, Sekretär, Secrétaire, Secretary, 621 15 34 37, mar.mit@gmx.net

# Agenda

## Méindes, den 9. Januar 2012

vun 19 Auer un Neijoeschrezeptioun am Centre Culturel ‚An Henkes' zu Conter

Dir sidd all häerzlech invitéiert fir mat eis op dat Neit Joer unzestoussen.

## Mëttwochs, de 25. Januar 2012

ëm 19.30 Auer, Generalversammlung am Centre Culturel ‚Am Medenpoull' zu Éiter mat uschléissender Konferenz.

## Sonndes, den 3. Juni 2012

vun 11 Auer un, APERO am Centre Culturel zu Mutfert an uschléissend eist FAMILLJEFEST.

## Sonndes, den 23. September 2012

vun 11 Auer un, APERO am Centre Culturel ‚Am Medenpoull' zu Éiter an uschléissend eist traditionellt HIERSCHTFEST fir d'ganz Famill.



Gudd geschmaacht huet et eise Gäscht um Hierschtfest



Marion Zovilé und Jean-Pierre Di Genova aktiv beim Projekt *„verger conservatoire"* am 19. November auf dem „Moutforter Haff".